LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Service national d'action sociale

Loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

Dir hutt eng Erklärung iwwert är Zesummenaarbecht mam Service national d'action sociale (SNAS) ënnerschriwwen. Dir hutt d'Aglidderungsentschiedegung (indemnité d'insertion) ugefrot.

Wat ass dat?

☞ D'**allocation complémentaire** an d'**indemnité d'insertion** sinn Leeschtunge vum modifizéierte Gesetz vum 29. Abrëll 1999 iwwer d'Schafe vun engem garantéierte Mindestakommes (**RMG-Gesetz**).

☞ D'« indemnité d'insertion » :
- Entsprécht der Héicht vum soziale Mindestloun;
- Erméiglecht Kotisatioune fir d'Pensiounsversécherung ;
- Muss net zeréck bezuelt ginn.

☞ Fir des « indemnité d'insertion » ze kréien, muss een:
- En Aglidderungsvertrag (*contrat d'insertion*) ënnerschreiwen;
- Un enger Aktivitéit fir berufflech Aglidderung (*activité d'insertion professionnelle)* deelhuelen.

De « contrat d'insertion »

☞ Definéiert de gesellschaftlechen a beruffleche Projet vun der Persoun, an hir Engagementer fir dësen ze realiséieren.

☞ Gëtt zesumme mam Service régional d'action sociale ausgeschafft (Numm, Adress an éischte Rendezvous stinn op der Erklärung).

☞ Eng Persoun déi hir Engagementer aus deem Vertrag net anhält kann hiert Recht op d'« indemnité d'insertion » an/oder op d'« allocation complémentaire » verléieren.

D' « activités d'insertion professionnelle » (AIP)

☞ Sinn entweder :
- Beschäftegunge vun ëffentlechem Notzen ;
- Stage bei Entreprisen.

☞ D'Konventioun:
- Definéiert d'Zort vun der AIP;
- Gett och vun der Persoun déi un der AIP deelhëlt ënnerschriwwen;
- Ass **keen** Aarbechtsvertrag.

Dësen Text ersetzt net de Gesetzestext. Fir déi legal Grondlagen ass dat modifizéiert RMG-Gesetz déi eenzeg gülteg Quell.

12-14, avenue Emile Reuter
L-2420 Luxembourg
Tél. (+352) 247-83636
Fax (+352) 40 47 06
www.gouvernement.lu/snas